

Dat heescht, déi nohaltig Investissementer, déi hu mer iwwert de Pensioonsfong och a Consideratioun gezunn an deenen och Virrang ginn. Ech wëll drun erënneren, datt hei mat ëffentleche Suen och déi Investissementer gehandhaabt ginn, datt de Fonds de compensation natierlech och duerch d'Reglementatioun an duerch d'Gesetz obligéiert ass, fir och eng Rentabilitéit ze kréien, an datt een, wann Der de Rapport technique iwwert d'Pensioone kuckt, dee vun der IGSS gemaach gëtt an deen och elo dëst Joer am Februar, März, Abrëll erauskomm ass, gesäit, datt d'Recettë vum Fonds de compensation jo och an dee Rapport mataflëssen. Wat natierlech d'Diskussionen, wéi oft datt mer d'Pensionen da mussen ajustéieren, fir och deen Niveau ze hunn, datt och jiddwereen eng Pensiooun zu deem Montant kritt, wéi Der en actuellement hutt ... Dat fannt Der an deem Rapport technique zu de Pensionen, fir dat ze maachen.

Ech hunn, ech géif soen, virun zwou, dräi Wochen, an der zoustänneger Kommissioun gesot, datt, wat déi Investissementsstrategie géif ubelaangen, mer déi natierlech an der Chamberskommissioun géifen diskutéieren. Ech hunn och – ech mengen, virun zwou Wochen, Här President, den Datum weess ech net méi genau – en Débat de consultation an der Chamber hei ugefrot, fir datt eeben all Partei, all Fraktioun hei an der Chamber kann hir Meinung zu deem Strategiepabeier soen. Deen ass ugefrot.

Ech denken, datt d'Chamber dann am Januar/Februar – bon, ech weess elo net, wéini déi nächst Sessioone sinn – dat op den Ordre du jour hält an datt dat dann eeben en toute transparence hei kann diskutéiert ginn, wat d'Investissementspolitik vum Fonds de compensation ugeet. An ech hunn an där selwechter Kommissioun preziséiert, datt de Fonds de compensation, dat heescht, Membere vum Conseil d'administration, an d'Kommissioun kënnen invitéiert ginn, fir mat den Deputéierte vun där Kommissioun zesummen deen Débat de consultation kënnen virzereeden. Dat ass op jidde Fall dat, wat gesot ginn ass a wat ech selwer als Minister och der zoustänneger Kommissioun an domadder och dem President weiderginn hunn, fir den Débat de consultation unzefroen.

Elo ass et natierlech esou, Dir hutt mer d'Fro gestallt: Wou ass deen Investissementspabeier dann drun? Hu mer dee schon? Ass dee schon do? Deen ass nach net do. Och wann en do gewiescht wier, wier dat keng Konditioun gewiescht, datt en automatesch a Kraaft getruede wier – da kommen ech zrëck op dat, wat ech virdru gesot hunn –, well dann hätt e jo och nach missen approvéiert ginn. An ech gi jo net dohin als Minister an ech froen en Débat de consultation un, fir dann ze soen: „Bon, dat ass dach schéin, deen Débat de consultation, mee mir froen deen un „just for fun!“ Ech mengen, dofir ass d'Thema vill ze vill wichteg an dat war op jidde Fall ni meng Intention an ech ka mer och net virstellen, datt dat virdru jeemools esou gehandhaabt ginn ass. Dofir ass deen Débat jo och relativ wichteg, dee mer dann zesumme sollten och preparéieren, wou jiddweree seng Aussoen da ka maachen.

De Pabeier ass net ugehall ginn, well ech Explikatiounen zum Strategiepabeier ginn hu par rapport zu engem Courier, dee komm ass vun enger Säit vun de Parteien, déi am CA sinn, fir dorobber ze reagéieren. Dat hunn ech gemaach. An déi wollten Zäit hunn, fir sech ze concertéieren – esou krut ech op jidde Fall gesot, ech si jo selwer net an deem CA –, fir dat ze maachen, soudatt déi dat intern da kënnen kucken. An ech denken, datt dat an engem nächsten CA vum Fonds de compensation dann diskutéiert gëtt.

Fir mech ass et op jidde Fall wichteg, datt mer dee Strategiepabeier hunn! Well iwwer wat diskutéiere mer da schlussendlech, wa mer net iwwert d'Propose vum Conseil d'administration vum Fonds de compensation diskutéieren? Fir mech heescht dat net, datt dat dann ofgeschloss ass! Mee et ass besser, mir hunn e Strategiepabeier a jiddweree kann en connaissance de cause doriwwer diskutéieren, dat dann och analyséieren. Ech denken, datt dat dee wichtigsten Deel op jidde Fall vun deem Débat wäert sinn.

Dat ass, wat déi éischt Fro ubelaangt, déi Der mer gestallt hutt – déi awer direkt verbonnen ass och mat der drëtter Fro –, de Vademecum, wéi mer et elo solle maachen. Mee do ass et d'Chamber, déi natierlech d'Recht huet ze soen, wéini datt deen Débat ass a wéi an a wat fir enger Form en organiséiert gëtt.

Ech wollt awer och nach eng Kéier op déi Motioun zrëckkommen. An der Motioun gëtt iwwert d'ESG-Krittäre geschwat, ob déi respektéiert ginn, ob d'Accorde vu Paräis respektéiert ginn; als Resümee elo ass dat an Ärer Fro esou genannt ginn. Ech wëll soen, datt mer déi ESG-Krittären op jidde Fall ëmmer méi an d'Investissementspolitik integréieren. Déi ginn och iwwerwaacht, déi ginn och gekuckt. Dat ass ganz einfach eng Konditioun zum Beispill bei de Gestionnaires, fir och kënnen nozeweise bei den Investissementer, déi gemaach ginn, datt déi Krittären erfëllt sinn. Dat gëtt gekuckt an déi sinn och erfëllt.

An dofir hu mer jo och – bon, dat féiert elo vläicht e bëssen ze wäit – um Niveau vum Fonds de compensation eng gro Lëscht an eng schwaarz Lëscht bei Entreprises, déi dat net respektéieren. Dat ass änlech wéi aner Länner dat hunn, déi mat esou engem Pensioonsfong och Investissementer maachen.

Ech wëll just zum Ofschloss soen, datt mer natierlech och probéieren, den Accord de Paris ze respektéieren. An ech hunn dat an der Question élargie, mengen ech, vum Här Galles am Juni gesot, deen am Fond déi selwecht Thematik hat iwwert de Fonds de compensation, datt mer och Kompartimenter um Niveau vun de SICAVe gemaach hunn, wat eng passiv Bewirtschaftung ass. Ech mengen, dat war am Mee vun dësem Joer, wou mer esou e Kompartiment opgemaach hunn, wou mer ronn 500 Milliounen investéiert hunn, déi haaptsächlech d'Accords de Paris en totalité schonn elo solle respektéieren.

Dat heescht, och d'Investissementspolitik vum Fonds de compensation geet voll an déi dote Richtung, fir eng nohaltig Approche ze maachen, souwuel um Niveau vun dem Portefoliomanagement, fir eeben dat dauernd ze iwwerwaachen. Momentan, dat kann ech Iech soen, sinn 11 Kompartimenter – an 3 Kompartimenter –, dat heescht 14 am Ganzen, kompatibel mat den Artikelen 8 an 9 vun der SFDR, dat heescht der Sustainable Finance Disclosure Regulation, wat vun der Europäescher Kommissioun prekoniséiert gëtt fir d'Investissementer. Och do si mer konform.

Rien n'empêche, datt een déi Diskussioun awer aneschters soll féieren, a wat fir eng Richtung datt soll weider investéiert ginn. Deem verschléisse mer eis och net, op jidde Fall net de Ministère, och net de Fonds de compensation, an et ass dofir och an deem Sënn, wou mer deen Débat de consultation jo dann – mir op jidde Fall, oder ech als Minister – och proposéiert hunn.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Sozialminister Claude Haagen. An d'Madamm Cecchetti huet eng Zousazfro.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Ech wëll just sécher sinn, datt ech richtig verstanen hunn. Also,

hunn ech elo richtig verstanen: Dee Strategiepabeier ass nach net do, well do muss nach diskutéiert ginn am Fond selwer, am CA vum Fond selwer? Wann dee bis do ass, kënn dee bei Iech an da geschitt nach ëmmer näischt – obscho mer dann den 1. Januar 2023 sinn –, bis datt mer deen Débat de consultation hei an der Chamber zesumme kënnen féieren, deen da virbereet gouf an enger Sitzung vun der Kommissioun. An eréischt duerno, wann d'Parteien heibannen alleguer hir Meinung dozou geäussert hunn, gëtt dee Pabeier finaliséiert an och eréischt vun Iech ugehall. Hunn ech dat elo esou richtig verstanen? Well datt ass mer nach ëmmer net esou ganz richtig kloer.

An déi aner Saach ass eeben, well et eis immens wichteg ass – Dir hutt et gesot, Dir hutt et selwer gesot, datt et jo wichteg ass –, datt dat héicht Haus hei driwwer muss diskutéieren, well et dee wichtigste Fond ass a well dat d'Politik einfach eppes ugeet, a wat mer investéieren.

An dann, Dir hat och nach gesot: fir de Klimaobjektiver vu Paräis gerecht ze ginn. Ech weess, datt awer ganz oft do 2 Grad Celsius steet. Dat heescht, dat ass awer och adaptéiert ginn op 1,5 Grad Celsius? Dat si meng Froen eigentlech.

**M. Claude Haagen, Ministère de la Sécurité sociale** | Op déi éischt Fro ganz kloer: Jo.

Op déi zweet Fro: D'Klimaziler vum Accord de Paris wäerte virun 2050 erziilt ginn, wäit, wäit, wäit virdrun. Dat war de Rapport vun 2021, wou mer op 2 % waren, fir an déi Richtung ze goen. Elo mat der Energie, notament mat deem Kompartiment vun deene SICAVen, wéi ech Iech gesot hunn, si mer jo am Wee, fir dat weider ze verdéiwen, déi jo, och wat déi futur Investissementspolitik vum Fonds de compensation ugeet, genau an déi dote Richtung ginn.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Sozialminister Claude Haagen.

## 5. 6956 – Proposition de révision portant instauration d'une nouvelle Constitution

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtteg ass d'Proposition de révision 6956 fir eng nei Verfassung. Et sief drop higewisen, dat am Artikel 114 vun der Verfassung heifir eng qualifizéiert Majoritéit vun zwee Drëttel vun de Stëmmen erfuerdert ass. De Vote par procuration ass net erlaabt. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun der Verfassungsöfännerung, déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

### Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk), rapportrice | Här President, léif Kollegen a Kolleeginnen, et ass mer eng grouss Éier a Freed, haut als Rapportrice hei um Riednerpult ze stoen. Ech soe Merci dofir.

Am parlamentareschen Dossier 6956 mat dem Titel „Proposition de révision portant instauration d'une nouvelle Constitution“ stécht immens vill Aarbecht. Ech sinn dowéinst fro, datt den Dossier mam haitege Vott zum verdéngten Ofschloss vun enger laanger Prozedur kënn.

De Rapport wäert an enger éischter Linn op de generellen Historique, d'Aarbechten an der zoustänneger Kommissioun souwéi op d'Prise de position du Gouvernement an den Avis vum Conseil d'État agoen. An enger zweeter Linn presentéieren ech déi grouss Linne vun der Proposition, andeems ech eng Rei

Artikelen an Erklärungen virstelle wäert. All déi aner Elementer an Erklärungen fannt Dir am schriftleche Rapport ausfüerlech beschriwwen.

De 24. Februar 2016 gouf d'Proposition vum Serge Urbany an der Chamber deposéiert an den 8. März 2016 ass den Dossier als recevabel deklaréiert ginn. An der Prise de position du Gouvernement vum 22. Abrëll 2016 gëtt dorobber verwisen, datt an der zoustänneger Kommissioun aktuell d'Proposition 6030 fir eng Verfassungsrevisioun diskutéiert gëtt. Vu datt d'Proposition 6030 d'Resultat vun engem laangen Diskussionsprozess ass a vu datt den Auteur vun där Proposition säit 2012 Deel vun den Diskussionen ass a vu datt d'Substanz vun der Proposition 6956 Deel vun den Aarbechten an der Kommissioun ass, steet geschriwwen, datt een net am Detail op déi eenzel Bestëmmungen vun der Proposition 6956 anzogee brauch.

Am Avis vum Conseil d'État vum 10. Oktober 2017 steet dann, datt amplaz vun enger detailléierter Analyse vun den Artikelen vun der Proposition 6956, de Conseil d'État op seng Avis vum 6. Juni 2012 a vum 14. März 2017 verweist, déi mam Dossier 6030 zesammenhängen. Dës Avis gëfen dem Conseil d'État seng Position zur Verfassungsrevisioun ausräichend duerleien.

Souwuel d'Prise de position du Gouvernement wéi och den Avis vum Conseil d'État hunn also op den Dossier 6030 verwisen an dorobber verzicht, d'Artikelen vum Dossier 6956 explizit an de jeeweilege Stellungnahmen ze analyséieren. No der Prise de position du Gouvernement vum 22. Abrëll 2016 an dem Avis vum dem Conseil d'État gouf den 22. November 2017 de Marc Baum an der zoustänneger Kommissioun als Rapporteur designéiert.

Eng Woch méi spéit, den 29. November 2017, goufen dunn d'Proposition, d'Prise de position vum Gouvernement souwéi den Avis vum Staatsrot an der Kommissioun examinéiert. An deem Kontext hunn d'Membere vun der Kommissioun déi investéiert Aarbecht gewierdegt, och wann een, wat d'Substanz betrëfft, net enger Meinung war. Finalement gouf festgehalten, datt dës virgestallte Proposition net déi grouss Linne vum Dossier 6030 erëmspigelt, aus deem jo d'Dossiere 7575, 7700, 7755 a 7777 ervirginn an datt een den Dossier 6956 parallel dozou weiderlafe léisst.

Den 23. November 2021 hunn ech du vum Marc Baum d'Relève iwwerholl an den 2. Dezember 2021 stoung den Dossier nach eemol um Ordre du jour vun der zoustänneger Kommissioun. De 7. Dezember dës Joer huet d'Kommissioun de Rapport adoptéiert a mam haitegen Dag steet den éischte Vott um Programm.

Vu datt déi erwänt Dossiere vun der Verfassungsrevisioun vun der Majoritéit an der CSV, déi jo eng Revisioun vun der aktueller Constitutioun uviséieren, jo och eng éischte Kéier gestëmmt sinn an dës Woch viraussichtlech eng zweete Kéier gestëmmt ginn, proposéiert d'Kommissioun der Chamber, dësen Dossier 6956 net ze stëmmen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn elo iwwer zum zweeten Deel vun deem Rapport, wou ech déi grouss Linne vun der Proposition virstelle wäert.

D'Proposition beinhalt am ganzen 18 Kapitele mat insgesamt 203 Artikelen. Dofir beschränken ech mech natierlech an deem mëndleche Rapport op véier Thematiken u sech, an zwar déi vun dem Staat, der Citoyenneté, de Grondrechter an der Demokratie.

Dat éischt Kapitel vun der virgeschloener Constitution proposéiert d'Statsform vun enger Republik a

beinhalt eng ausfüerlech Definition vum Staat. Méi genee gesot, schléit dësen Text der Gesellschaft eng Definition vum Staat vir, déi den Accent virun allem op de Sozialstaat leet. Ënner anerem huet de Sozialstaat d'Verpflichtung, e staarke Schutz vun de Grondrechter ze garantéieren a géint sozial Ongläichheete virzuegoen. An dës soll am Aklang mat enger nohalter Entwécklung fir Mënsch an Ëmwelt realiséiert ginn.

Wéi am Rapport méi ausfüerlech beschriwwen steet, ka sech de Sozialstaat fir d'Auteuren net op een oder e puer Rechter souwéi net op eng oder déi aner Institution reduzéieren. De Sozialstaat ass fir si vill méi. Et ass e komplex Konstrukt, wat sech iwwerall an der ganzer Gesellschaft erëmspigelt.

Während dat éischt Kapitel ënnersträicht, datt de politesche Pouvoir vun de Bierger/innen ausgeet, definéiert dat zweet Kapitel méi genee, wien dann dës Bierger/innen sinn. D'Auteure schloen eng Definition vir, déi net méi ausfüerlech (veuillez lire: net méi ausschliesslech) op dem Krittär vun der Nationalitéit berout. Si leeë fest, datt d'Biergerinnen an d'Bierger all déi Persounen sinn, déi d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, souwéi all déi Persounen, déi säit mindestens fënnf Joer hei am Land wunnen. Donieft gëtt de politeschen Alter op 16 Joer festgeluecht an d'Wahlrecht als Biergerrecht definéiert. All dës Punkte sinn explizit am selwechte Kapitel verankert.

Dat drëtt Kapitel da betrëfft d'Grondrechter a beinhalt 70 Artikelen. Dës grouss Zuel vun Artikelen spigelt d'Wichtigkeet vun deem Deel an där Proposition erëm. D'Kapitel fänkt mam Artikel 14 un, dee verfüegt, ech liesen Iech et kuerz vir, datt: „La dignité humaine est inviolable. L'État garantit son respect sans aucune restriction et interdit tout traitement et toute peine qui la violerait.“

D'Auteure vun der Proposition sinn der Meinung, datt d'Notioun vun der „dignité humaine“ eleng stehend net esou einfach ze definéieren ass a souguer séier zu ënnerschiddlechen Interpretatiounen féiere kann. Aus deem Grond verrieden d'Auteuren d'Meinung, datt een d'Dignité humaine, also d'Mënschewierd, an der Constitution genau an ausfüerlech definéiere soll, also festhalen muss, wéi eng Rechter a Flichten aus der Notioun erausginn.

Aus Zäitgrënn verzichten ech dorobber, all Artikel eenzel opzezielen. Mee ech ënnersträiche gär, datt d'Proposition explizit an als aklobar Rechter Rechter wéi d'Recht op eng Wunneng, d'Recht op eng mënschewierdege Aarbecht, d'Recht op Bildung souwéi d'Recht op den Zougang zu de grondleeënde Bedierfnisser, zum Beispill Liewensmittel, Gesondheet, och Waasser a Stroum, virgesäit. Andeems een d'Rechter, déi mat der Notioun vun der Dignité humaine a Verbindung bruecht kënnen ginn, op konstitutionellem Niveau explizit als aklobar Rechter verankert, garantéiert een e staarke Schutz vun dësem soziale Rechter. Esou gesäit et dës Proposition vir.

Geneesou verdäitlecht de grad presentéierten Deel de Gedanke vun den Auteuren, datt d'sozial Gerechtegkeet eng essentiel Grondvoraussetzung dofir ass, datt jiddereen déi aner liberal Rechter iwwerhaupt notze kann.

Eng weider Intentioun vum drëtten Kapitel vun där Proposition ass et, aktuell an akut Problemer wéi zum Beispill de Klimawandel unzuegoen. Den Abschnitt iwwer „Les droits environnementaux“ beinhalt aacht Artikelen, déi zum Beispill festhalen, datt de Staat obligéiert ass, a sengen Aktiounen de Prinzip vum Développement durable ze respektéieren.

Dës Proposition verankert dann och de „principe de précaution“ an der Constitution, dee virgesäit, datt,

wann ëmmer e Risiko vun irreversibelen Schied, wéi zum Beispill fir d'Ëmwelt oder d'Gesondheet, besteet, déi zoustänneg Autoritéiten déi noutwendeg Moossname sollen huelen, fir dës Schied ze vermeiden.

Allgemeng wellen d'Auteuren iwwert dës Wee an där Constitution selwer staark Barrière géint d'Ëmweltzerstörung abauen a sech esou als Gesellschaft zu engem effektive Schutz vun der Ëmwelt verpflichten.

Ier ech elo gläich zum Schluss vu mengem Rapport kommen, wëll ech nach e puer weider Wieder zu der Thematik vun der Demokratie soen. Wéi erwänt, schléit dës Proposition vir, de politeschen Alter op 16 Joer erfzesetzen an de Krees vun de walbedeelegte (veuillez lire: vun de walberechtigten) Persounen ze erweiden, andeems eebe virgesi gëtt, datt d'Wahlrecht net méi reng op dem Krittär vun der Nationalitéit berout.

D'Auteure vun der Proposition si sech allerdéngs och ganz genee bewusst, datt eng lieweg Demokratie net nëmmen dorobber beschränkt dierf sinn, datt d'Bierger an d'Biergerinnen all puer Joer wéi eng ginn. D'Auteure schloen dowéinst e Biergerinitiativrecht als een zentrale Punkt vun der Erweiterung vun der Demokratie vir. Dës Mechanismus ass am Artikel 120 am Detail beschriwwen.

Fir datt dës Kärsch vum der direkter a partizipativer Demokratie esou effektiv wéi méiglech ass, gesäit dës Proposition dräi Etappe vir: An enger éischter Etapp presentéiert e Bierger- a Biergerinnenkomitee e Virschlag fir e Gesetz. Wa mindestens 0,5 % vun deenen op de Wallëschten ageschriwwene Bierger a Biergerinnen dem Virschlag zustëmmen, da geet dës Virschlag weider an d'Chamber.

Wann d'Chamber dee Virschlag ofleent, da kënnen d'Initiatoren an enger zweeter Etapp nach eemol probéieren, Ënnerschrëften ze sammelen. Kreie si 2,5 % zesummen, da muss d'Chamber sech nach eng Kéier mat deem Virschlag beschäftegen. Leent d'Chamber de Projet allerdéngs of, da kann de Komitee an enger drëtter a leschter Etapp e Referendum verlaangen. Esou gesäit et dës Proposition de révision vun der Constitution vir.

Den Text gesäit also eng substanzuell Verdéiwung vun der direkter Demokratie vir, ouni dobäi d'Dier opzemaache fir eng Bagatellisierung vun dem direktdemokrateschen Instrument.

Här President, Léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'Proposition, déi ech haut presentéiere konnt, gouf am Kader vun der Debat iwwert d'Revisioun vun der Verfassung entworfen, eng Debat, déi eis jo säit ville Jore begleet. D'Proposition erhieft net den Usproch op Vollstännegkeet, Perfektioun oder Feelerfräiheet, mee si gesäit sech als e konstruktive Bäitrag zu dem genannten Debat. Andeems d'Auteuren e kompletten a konkreten Text virgeluecht hunn, deen e weidere Bléckwénkel duerleet, denken ech, datt dës och vollkomme gelongen ass.

An ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Ech kéim dann elo u sech zu menger Ried zu där Verfassungsrevisioun, also Verfassungspropos éischer. A jo, Léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech hunn et schonn ëfters hei bei de Votte vun der Verfassung ugemierkt, ech hunn ëfters schonn zur Verfassungsrevisioun ...

(Interruptions)

Ech hat annoncéiert, datt ech elo zu menger Ried kommen, zu menger eegener Ried kommen. De Rapport ass ofgeschloss, ech kommen elo zu menger Ried.



**M. Fernand Etgen, Président** | Dir kënt déi och herno maachen, fir datt mer an der Reiefolleg bleiwen, wéi u sech den normalen Tour ass.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | A, ech hat dat proposéiert. Ok. Ech hat gemengt ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Dat heescht, datt mer eeben elo géifen an der Reiefolleg fueren, fir d'éischt de Spriecher vun der CSV, DP, LSAP, an dann herno kommt Dir dann an der Rei drun, ...

(Interruption)

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Ech hat gefrot, mee et ass an der Rei. Ech kann dat gär duerno maachen.

**M. Fernand Etgen, Président** | ... fir dann eeben einfach déi Minutten ze notzen, déi Der dann do hutt als politesch Sensibilitéit.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | An der Rei. Bis herno.

**M. Fernand Etgen, Président** | Ok, fein!

Den éischten ageschriwwene Riedner ass dann den honorablen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

### Discussion générale

**M. Léon Gloden (CSV)** | Merci, Här President. Ech hunn et schonn e puermol hei um Riednerpult gesot: En déiwe Respekt fir déi intellektuell Aarbecht vun de Kolleegen a Kolleeginne vun déi Lénk. Ech schléissen hir Virgänger do besonnesch an, well ech mengen, d'Haaptarbecht ass vun hire Virgänger gemaach ginn. Esou eng Verfassungsrevisioun ze schreiwe mat enger anerer Staatsform, dat ass en intellektuellen Effort an duerfir de Respekt hei. An ech mengen, ech kann do am Numm vun der Chamber schwätzen, fir de Respekt vun där intellektueller Aarbecht.

Déi Proposition, déi hei presentéiert ginn ass, ass awer net eise Projet, och wann eng Rei Artikele bal deckungsgläich sinn. Mee Är Proposition huet op e puer Punkten e groussen Ennerscheid.

Den Haaptpunkt ass, datt Dir eng Republik wëllt. Dir hutt dat net oft kloer gesot. Et ass elo déi éischte Kéier, datt dat hei ganz kloer formuléiert gëtt, soss hutt Der ëmmer an Äre Rieden dat als leschte Punkt geholl, datt een et bal net méi matkritt huet.

Kann een, an déi Fro stellt sech, déi Fro stellt sech, Här President, kann een eng Verfassung, also de Sockel vun eise Zesummeliwen, de Sockel vun eisen Institutionen, laanscht d'Geschicht vun engem Land schreiwen? D'Äntwert vun der CSV ass do ganz kloer: Nee! Mir sinn eng Monarchie constitutionnelle. Mir sinn déi eenzeg Monarchie grand-ducale, fir et esou ze soen, deen eenzege Grand-Duché op der Welt an – ech hunn dat och d'leschte Kéier am Kader vun de Rieden iwwert den éischte Vott vun eise Projet gesot, vun eiser Proposition – de Grand-Duc als Staatschef hëlleft eis och, eng Rei Dieren an der Welt opzemaachen. Also ganz kloer: Mir si géint d'Republik!

Dann en anere Punkt, deen Der ervirgestrach hutt, dat ass d'direkt Participatioun vun de Leit. Och do huet eise Projet, eis Proposition eng Rei Artikelen iwwert d'direkt Participatioun. Och mir gesinn d'Initiative citoyenne vir.

An et ass komesch, Här President, datt déi Lénk am Fong net bis zum Schluss vun hirer Reflexioun ginn. De Courage huet se ënnerwee verlooss, well an der Proposition vun déi Lénk gëtt de President net vun de Leit dobause gewielt, mee duerch d'Chamber designéiert. Ech hunn dat gëscht Owend nach eng Kéier extra nogelies, well ech konnt dat net gleewen,

datt esou eng progressistesche Proposition de loi (veuillez lire: Proposition de révision de la Constitution) net bis zum Schluss gaangen ass an de President duerch d'Vollek wile léisst. Firwat dat esou ass, dat mussen déi Lénk eis erklären.

Den zweete sougenannte File rouge vun der Proposition vun déi Lénk sinn déi sozial Aspekter. Jo, si gesinn eng ganz Rei sozial Rechter vir, eng ganz Rei Dispositionen iwwert d'sozial Errungenschaften hei zu Lëtzebuerg. Mee och si hunn net alles iwwerholl aus den internationalen Traitéen, wat déi sozial Aspekter, Rechter vun de Leit couvriert. An och eise Projet gesäit eng Rei sozial Rechter vir, och eng Rei sozial Rechter, déi souzesoen dem 21. Joerhonnert ugegliddert ginn, wéi den Dialogue social.

Also stellt sech d'Fro, Här President: Ass déi Proposition de révision vun déi Lénk besser? Ass se méi modern? D'Äntwert vun der CSV ass ganz kloer: Nee! Well och eis Proposition gesäit modern Rechter a Flichte vir. Ech erënneren un d'Dispositionen iwwert den Datschutz, iwwert de verbesserten Ëmweltschutz an eng ganz Rei aner Punkten.

Am Rapport, deen an der Kommissioun ugehall ginn ass, op der Säit 8 steet: „Projet alternatif d'une Constitution pour le Luxembourg – Un autre projet de société : Plus de droits, plus de justice sociale, plus de démocratie“. Jo, et ass en anere Projet, et ass en alternative Projet. Nee, et ass kee bessere Projet. Si gesinn net méi Rechter vir, si gesinn net méi sozial Rechter vir an en ass net méi demokratesch wéi eisen. Dofir wäert d'CSV beim éischte Vott vun dëser Proposition de révision dergéint stëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Gloden. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Simone Beissel. Madamm Beissel, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Simone Beissel (DP)** | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, virop och mäi Merci un d'Madamm Rapporteur Nathalie Oberweis fir hiren interessante Schrëftlechen a ganz gudde mëndleche Rapport. Ech hänke mech awer och un d'Mercie vun Léon Gloden dru vu virdrun, well et ass lassgaangen u sech beim André Hoffmann, dann de Serge Urbany, dann de Marc Baum an elo d'Nathalie Oberweis, déi allegueren hir intellektuell Forcen zesummegestréckt hunn, fir dëse Rapport ze ficelëieren.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn u sech säit 1994 amgaang ze diskutëieren, dass d'Verfassung vun 1868 misst fundamental reviséiert ginn. Duerno ass et 2005 erëm eng Kéier méi prezis ginn an dann huet et gedauert bis 2009, bis de President/Deputéierten, de Paul-Henri Meyers, d'Proposition de révision 6030 deposéiert huet fir eng wierkelech Re-fonte totale vun der Verfassung.

Wann ech elo aus dem Rapport vun der Madamm Oberweis liesen, dann ass et anscheinend d'SREL-Affär vun 2013, déi eise Kolleeg vun déi Lénk d'Iddi ginn huet fir ze soen: „Hei, elo muss eppes geschéien, elo versiche mer emol, eng alternativ Verfassung op d'Been ze setzen.“ Et kum natierlech och dohier, well du schonn d'Analyse ware vun der Proposition 6030 an d'Partei déi Lénk gesot huet: „Dat do ass e Modell, deen zwar vun de Majoritéitspartei plus CSV gedroe ginn ass, mee mat deem kënnen mir eis net identifizéieren.“

Dunn ass dann 2016 vum Serge Urbany déi alternativ Verfassung deposéiert ginn. Si ass 2017 fir d'éischte Kéier an der Verfassungskommissioun gekuckt ginn. Et kum dann och schonn den Avis 2017, dat selwecht

Joer, vum Staatsrot. An et ass awer festgehal ginn, dass se géif parallel mat der Proposition de révision 6030 traitéiert ginn. Dunn ass dat Joer komm, Dir wësst, wat 2018 war: Do war e kleng Stillstand. Dunn hu mer erëm eng Kéier vu vir ugefaange mat enger anerer Reform. Mir hu versicht, déi bescht Saachen, déi modernst Saache vu 6030 eriwuerzuehelen. Dunn ass am Dezember 2021 d'Nathalie Oberweis als Rapporteur genannt ginn a si ass gefrot ginn, e Projet de rapport ze maachen. Deen hu mer de 7. Dezember dëst Joer an der Verfassungskommissioun ugehall, mee schonn dee Moment hunn d'Majoritéitspartei plus d'CSV hir Reserven, hir Retizenzen a souguer hir Opposition zu dësem Projet kommuniquéiert.

Här President, fir déi Lénk ass eng nei Verfassung, an ech zitëieren, net nëmmen eng „question de technique juridique, mais un choix de société“. A genau do, léif Kolleegin Oberweis: Da scheiden sich die Geister. Och fir eis ass eng nei Verfassung e Choix de société, e Choix de société politique, civile, sociale, dat heescht, e Choix vun enger Staatsform fir dëst Land.

Wann ech awer elo kucken – an ech hunn Äre ganzen Text akribesch gelies, déi 203 Artikelen –, dann huelen ech just elo zwee Beispiller eraus aus Äre Lignes de force, mat deenen d'liberal Fraktioun hei an der Chamber absolut net kann d'accord sinn:

Ënnert dem Punkt „1. une définition substantielle de l'État comme choix de société“, ënnert dem Titel „La question de la démocratie économique et du droit de propriété“, peilt Dir an Ärem Text eng méiglech Verstaatlechung vu sämtleche groussen wirtschaftlechen Entitéiten, just mat der Exceptioun vun der Privatwirtschaft, an och eng Verstaatlechung vun de Ressources communes un. Dat ass fir d'DP-Fraktioun hei an der Chamber net akzeptabel.

En anert Beispill ginn ech Iech, an de Léon Gloden ass virdru schonn drop agaangen: Ënnert dem Punkt 4 vun Äre Lignes de force, do steet dann ënnert dem Titel „renforcement de la démocratie“ ënnert dem leschten Tiret: „remplacement de la monarchie par une présidence aux fonctions limitées“.

Dir envisagéiert also d'Staatsform vun enger République semi-présidentielle hei zu Lëtzebuerg, wou laut Ärem Text de President limitéiert Fonctiounen awer nëmmen huet. Dat, Här President, brécht total mat eiser constitutioneller Geschicht. A wann ee kuckt, wou mer haut 2022 stinn, bréngt déi do Usicht fir mech a fir eis och keng Plus-value fir d'Realitéte vun onsem Land 2022.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel (DP)** | Dierf ech Iech drun erënneren, Här President, léif Kolleegen, dass den 12. Januar 1919 no engem Volleksofstand hei an der Stad d'Republik proklaméiert ginn ass a genau 48 Stonnen iwwerliefert huet?

Zweetens, dierf ech Iech drun erënneren, dass d'Lëtzeburger Vollek den 28. September 1919 mat enger Majoritéit vun 73,3 % sech formell géint d'Asetze vun enger Republik an dësem Land ausgeswat huet a fir den Erhalt vun der Monarchie, an dofir ipso facto fir den Erhalt vun der Dynastie vun den Nassau-Weilburger um Lëtzeburger Troun?

Dat geet virun duerch d'ganz 20. Joerhonnert, well ech mengen kënnen ze behaapten, dass d'Monarchie constitutionnelle hei am ganzen 20. Joerhonnert bis haut hir Preuvë bruecht huet. Dierf ech dat virbildlechte Verhalen vun der Grande-Duchesse Charlotte an dem deemolege Pränz Jean am Zweete Weltkrich ervirhiewen, wéi se sech verhalen hunn a wéi se duerno, wéi se erëmmkomm sinn, alles gemaach hunn, fir

den Zesummenhalt vun dem Lëtzebuerger Vollek ze stäerken?

Dierf ech Iech och drun erënneren, dass duerch déi onzäleg diplomatesch a wirtschaftlech Missiounen, déi dauernd vun eise respektive Groussherzoginnen a Groussherzogen am Ausland begleet ginn, nach haut, haaptsächlech och elo mat dem Grand-Duc Henri an dem Ierfgroussherzog Guillaume, de Stellwäert, de Status vum Lëtzebuerger Land mat senger mini Surface géographique dobausse vill méi staark ass duerch de Fait, dass eeben d'Royals bei alleguerten deene Visitten derbäi sinn.

Mir kréien dat andauernd gesot, déi Leit, déi mat bei deene Visitten derbäi sinn, ob et diplomatesch Visitte sinn, ob et wirtschaftlech Missiounen sinn, déi hunn nëmmen Luef, well déi kréien d'Appreciatioun vun de Leit dobaussen, wann d'Lëtzebuerger komme mat Grand-Duc respektiv Ierfgroussherzog. An Dir braucht jo nëmmen ze kucken, wat fir eng Unzuel vun Ufroer mer kréie vu lauter auslänneschen Tête-couronnéen, fir hei op Lëtzebuerg ze kommen, well Lëtzebuerg vun hinnen appreciéiert gëtt a senger staatlecher a wirtschaftlecher Form. Ech mengen, heibanne kënnen mir dat alleguerten zesummen nëmmen appreciéieren.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Simone Beissel** (DP) | Här President, wann ee queesch iwwert de Kontinent kuckt, haaptsächlech de westleche Kontinent, do hu mer jo nach eng ganz Serie vu Monarchien. An an de leschte Jore sinn an all deene Länner all Efforte gemaach ginn, fir déi Monarchien ze moderniséieren, ze adaptéieren un d'politeschen an d'gesellschaftleche Realitéite vun hire Länner. Mir hunn dat selwecht gemaach.

D'Proposition de révision 7700 mat dem Rapporteur Mars Di Bartolomeo, déi mer iwwermuer an den zweete Vott huelen, huet d'ganz Monarchie constitutionnelle, hire Stellwäert, hire Fonctionnement mat enger neier Maison du Grand-Duc akribesch op de Metier geholl. A mat dem Accord vum Herrscherhaus hu mer Texter elaboréiert, déi modern sinn, performant an déi d'Monarchie constitutionnelle an deem Land total rechtfertegen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, och wann d'Lektür, an ech hunn et scho gesot, an den intellektuellen Effort vun de Kolleegen vun déi Lénk immens ze appreciéieren sinn an et fir mech en intellektuelle Plesier war, fir déi 203 Artikele ganz genau duerchzeliesen, ass awer dës Proposition vun déi Lénk fir d'liberal Fraktioun constitutionnel en No-Go a mir kënnen nëmmen dergéint stëmmen.

A fir de Moment soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Beissel. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | O! Ech wollt scho bei de President goen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech hat schonn en Ugrëff op de President gefaart.

*(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Nee, Här President, ech si ganz verfassungstrei.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, ...

*(Interruption par M. André Bauler)*

Merci, Här Bauler, fir d'Virschosslorberen. Et gëtt nach besser.

*(Hilarité)*

Fir d'éischt emol merci der Madamm Rapporteur an den Auteurs vun dëser Proposition de révision fir hir Aarbecht. Déi Proposition fir eng alternativ Verfassung ass 2016 hei deposéiert ginn. Si ass an der Institutionskommission behandelt ginn a mir hunn aus Respekt virun dëser Aarbecht alles gemaach, dass si virun den zweete Votte vun deene véier Kapitele fir eng wäitgeend Revisioun vun eiser Verfassung an de Plenum kënn, eng Revisioun, déi vun enger breeder Majoritéit vun eiser Kommission gedroe gëtt.

Ech schwätze vun deene véier Kapitele Revisioun, ech schwätzen net vun dëser Proposition. Well ech wëll direkt Kloertext schwätzen: Déi Proposition 6956, déi vun der Madamm Oberweis presentéiert gëtt, war an der Institutionskommission net konsensfäeg. Awer ofgesi vun där Positioun fënnt sech tëschen de Propositionen vun déi Lénk an de Propositionen vun der Institutionskommission, soen ech emol esou, och wann et keng Unanimitéit an der Institutionskommission gëtt, sou dach awer eng ganz, ganz grouss verfassungsdroend Majoritéit, gëtt et eng ganz Rei vu Gemeinsamkeiten.

Iwwregens: Déi Propositionen, déi vun der Kommission gedroe sinn, déi komme muer an iwwermuer zum zweete Vott hei an de Plenum.

Déi Propositionen, déi vun där grousser Majoritéit vun der Institutionskommission gedroe sinn, sinn och am Géigendeel zu dëser Proposition breet an der Effentlechkeet diskutéiert ginn. Nu wëll ech net ofstreiden, dass mer hei aner Méiglechkeeten haten, fir déi Diskussiounen ze féieren, wéi d'Kollegee vun déi Lénk, mee nichtsdestotz sinn eis Propositionen breet diskutéiert ginn.

Gesamkeiten gëtt et kloer, wat d'Definitiv vun dem Sozialstaat ugeet. Bei eis an deene Propositionen, déi breet gedroe sinn, ass d'Recht op de Sozialdialog verankert, ginn d'Berufsschamberen explizit unerkant, de Sozialdialog soll gefërdert ginn.

Änlechkeeten, och wann dat net eent zu eent ass, gëtt et och zur Laicité vum Staat, wou an der Proposition de révision 7700 no deem, wat um Terrain geschitt ass, och d'Relatiounen tëscht Kierch a Staat, tëschen Staat a Glawensgemeinschaften gereegelt ginn an et zu enger klorer Trennung kënn.

D'Stärkung vun der Chamber, déi och vun de Kolleegen vun déi Lénk gewënscht ass, geet ewéi e roude Fue dem duerch d'Propositionen vun der Institutionskommission; also och do net dee grouse fundamentalen Ënnerscheed. D'Chamber kritt méi Moyenen, fir hir Kontrollfunktion vis-à-vis vun der Regierung ofzesécheren. Ech nennen nëmmen d'Enquêtekommission, déi an Zukunft méi liicht, awer net liichtfankeg soll kënnen agesat ginn.

Gesamkeiten gëtt et ganz sécher och am Asaz géint de Klimawandel, fir d'Erhale vun der Biodiversitéit an de Schutz vu Mënsch an Ëmwelt. Dat fënnt een an deenen zwee Texter erëm gradewéi een d'Verbondenheet zu der Europäescher Gemeinschaft an deenen zwee Texter erëmfënnt.

Am Géigesaz zu der Proposition vun déi Lénk sinn an d'Propositionen vun der Institutionskommission besonnesch beim Kapitel iwwert d'fundamental Rechter vill Virschléi vun de Bierger eragefloss, iwwert dat Ugebuet vun „Är Virschléi“. Ech hat dat virdru scho gesot, Dir hutt net déi selwecht Méiglechkeete gehat,

mee et ass awer e wichtege Fakt an der Biergerbedeelegung.

Grouss Ënnerscheeder gëtt et bei der Staatsform. D'Virschléi vun der Madamm Oberweis an hire Kolleegen, déi plädéieren ganz kloer fir d'Staatsform vun enger Republik mat un der Spëtzt engem President. D'Institutionskommission huet hei Kloertext geschwat: Mir halen un eiser jëtzege Staatsform fest. Dat ass kee Vott géint eng aner Staatsform, déi kéint Republik mat engem President un der Spëtzt heeschen, mee et ass awer e kloert Bekenntnis zu enger Staatsform, déi fest an eiser Geschicht verankert ass an déi sech an där Zäit, wou se do ass, besonnesch an der moderner Zäit, bewäert huet a ganz staark vun eise Leit gedroen ass.

Mir hunn also keng Noutwendegkeet gesinn, déi Staatsform a Fro ze stellen. Allerdéngs, an dat hu meng Virriedner gesot, net an allem, net eent zu eent, wéi dat bis elo an enger Verfassung gereegelt war, déi relativ an d'Jore komm ass, mee an där Form, wéi se an dat 21. Joerhonnert erapast, a voller Transparenz. An dat fanne mer erëm duerch déi kloer Definitiv vun der constitutioneller Monarchie an déi kloer Missiounen vun dem Grand-Duc, eise Staatschef, als Deel vun der Exekutiv. A mir hunn och bestätegt, dass de Grand-Duc un der Spëtzt vun der Arméi, selbstverständlech ënnert der Responsabilitéit vun der Regierung, bleift.

Mir hunn de Staatschef mat eise Propositionen ..., oder mir wäerten de Staatschef mat eise Propositionen net schwächen, mee mir ginn him déi personell an déi materiell Méiglechkeeten, fir dat Amt an der Representatioun vun eise Land esou gutt wéi méiglech auszufüllen. A mir ginn him och d'Méiglechkeet, fir d'„Maison du Grand-Duc“ oder seng Verwaltung ze organiséieren. Also och an där Verfassung, wéi se vun der grousser Majoritéit an der Institutionskommission gedroe gëtt, komme mer an eng modern Monarchie eran, a voller Transparenz.

Et gëtt eng Rei vun anere Parallelen, déi ech net wëll doutschweigen. Déi Propositionen vun deenen zwou Säite setze sech fir en erwiderten Déiereschutz an, si setze sech a géint de Klimawandel souwéi fir d'Erhale vun der Biodiversitéit an et kommen op deenen zwou Säiten eng Rei vu Staatsziler derbäi.

Ech wëll och insistéieren, dass bei eis bei de Staatsziler wichteg Ziler derbäikomm sinn, zum Beispill soll de Wunnensbau, d'Recht op Wunnen, zu engem prioritäre Staatszil ginn.

Net zrëckbehale goufen an eise Verfassungstext Froen, déi ganz kloer vun enger grousser Majoritéit vun de Leit tranchéiert gi waren, an zwar 2015: d'Walrecht mat 16 an d'Ausländerwalrecht. Do gouf et eng ganz kloer Decisioun vun de Wieler an déi gëtt an eisen Texter eent zu eent respektéiert, och wann dat net déi Diskussioun op ëmmer an éiweg wäert zoumaachen. Mee wann een dat nach eng Kéier géif zur Diskussioun stellen, ass et awer ganz kloer, dass dat nëmmen iwwert de Verfassungsweg ka goen an net esou, wéi fälschlecherweis vun Einzelne behaupt gëtt, déi eppes an déi nei Verfassung, esou wéi mir se virstellen, wëllen eraninterpretéieren, ka geschéien. Dat wär en No-Go. Dat geet iwwerhaupt net! Esou Ënnerstellungen misste sech eigentlech vum selwen an den Abseits setzen, well dat, wat ënnerstallt gëtt, geet guer net!

Also, Gemeinsamkeiten gëtt et, mee et gëtt och eng ganz Rei vu fundamentalen Ënnerscheeder, déi, géife mer se akzeptéieren, eis Gesellschaft géife splécken. An dat ass definitiv net de Sënn vun enger Verfassung, och net de Sënn vu fundamentale Verfassungsännerungen. Eng Verfassung soll d'Leit ënner engem

gemeinsame Gesellschaftsprojekt zesummebréngen an net deelen.

Dofir ass et ganz kloer, dass meng Fraktioun, d'LSAP, sech fir déi Propositione vun enger ganz grousser Majoritéit an der Institutionskommissioun ausdréckt a géint déi Proposition, déi vun der Madamm Oberweis virgestallt gouf. Iwwregens war d'Ofstëmmung iwwert de Rapport vun der Madamm Oberweis positiv – iwwert de Rapport! Mee iwwert den Inhalt war se negativ.

Ech wëll Iech Merci soen, dass Der mer nogelasschtert hutt, a mir ginn eis Rendez-vous muer an iwwermuer fir déi véier Kapitele vun der fundamentaler Verfassungsrevisioun, oder vun de Verfassungsrevisiounen, de fundamentale Verfassungsrevisiounen, wéi mir se an deem Mooss zënter dem Bestoe vun eiser jëtzege Verfassung net erlieft hunn.

Här President, merci villmools.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Di Bartolomeo. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci dem Nathalie Oberweis an der ganzer Ekip vum déi Lénk, déi dorunner geschafft hunn, fir dee Rapport a fir déi Ried hei virzebereeden. Also Chapeau eisersäits un d'Kolleege vum déi Lénk! Meng Virriedner hu schonns op déi intellektuell Leeschtung an de Courage higewisen, eng alternativ Verfassung ze redigéieren, fir deen Exercice unzegoen. 6956 ass d'Nummer vun der Propos. Mir si fir de Moment amgang, d'70er- an d'80er-Nummeren ze diskutéieren. Dat weist, dass déi Propos net vu gëschter ass.

Dës Verfassungspropos huet also hiren Ursprung, wann ech richtig informéiert sinn, am Walprogramm 2013 vun déi Lénk, wou eng vun de Fuerderungen d'Ausschaffe vun enger neier Verfassung mat Trennung vu Kierch a Staat engersäits an och dem Ofschaffe vun der Monarchie war. Deposéiert gouf déi Propos dunn am Februar 2016 vum Serge Urbany.

Am Exposé des motifs kënne mer liesen, dass eng vun den Haaptmotivatiounen de Constat war, dass sech zënter dem Schluss vum 19. Joerhonnert e staarke Sozialstaat hei zu Lëtzebuerg entwéckelt huet a progressiv säin Néierschlag an ëmmer méi heefegen an ëmmer méi elaboréierte Gesetzer fonnt huet, mee awer bis haut keng oder weineg Verankerung an der Lëtzebuerger Verfassung fonnt hätt, déi nach ëmmer vun enger reng liberaler Logik geprägt wär, déi d'Zesummenhäng tëscht de klassesche biergerleche Fräiheeten an den zënter 1860 no an no gewuessene Sozialrechter net genuch en compte hält.

Dësen Exposé des motifs geet och drop an, dass déi nei Sozialnorme respektiv den neien enke Lien tëscht den individuelle Fräiheeten an de Sozialrechter par konter op internationalem Niveau scho grouse Réckhalt kruten an no an als Rechter vun der zweeter an drëtter Generatioun hiren Néierschlag an internationale Konventiounen a Pakten op Niveau vun der UNO fonnt hunn, mee dass dës Pakten awer keng verbindlech juristesche Natur hunn. Dowéinst sollte se besser direkt an d'Lëtzebuerger Verfassung abruecht ginn.

Weider seet den Exposé des motifs och, dass den deemolege Reformprojet vun eiser Verfassung, déi ominéis Proposition 6030, net den haitegen Enjeu vun eiser Gesellschaft géif gerecht ginn an datt e sech grosso modo just op eng kosmeetesche Operatioun vun eiser momentan nach gülteger Verfassung géif limitéieren – ech zitieren den Exposé des motifs –,

an deemno kéint een net vun engem wierkeleche Renouveau constitutionnel schwätzen.

An dann nach dat Wichtigst: Am Exposé des motifs selwer erkläert den Auteur Serge Urbany, dass dës Proposition vun déi Lénk u sech keng realistesch Proposition ass, mee datt et hiert Zil ass fir ze weisen, wéi eng komplett nei Approche, en neie Choix de société, kéint ausgesinn, a fir den aktuellen Debat ronderëm d'Proposition 6030 mat neien Elementer an Iddien ze fidderen an och esou ze beaflossen.

Deen Ausgangspunkt vun där Demarche vun der Proposition vun déi Lénk kënne mer warscheinlech all heibannen deelen – enfin, bal all heibannen –: nämlech, datt eis momentan Verfassung par rapport zu ettleche gesellschaftleche Verännerungen, par rapport zu eiser institutioneller Realitéit an zur Anerkennung vun neie Generatiounen vu Biergerrechteren dätteleche Retard huet. Dat ass evident! A genee dës Retard war jo och de Grond vun deem ëmmer méi noutwendige Geflécks, kann ee wuel soen, bei eenzelnen Artikelen an der Verfassung.

Och a menger Partei, bei deene Gréngen, gouf et am Laf vun de Joren, wou um grouse Reformprojet geschafft gouf, Gedanken, fir eng eege Proposition auszuschaffe respektiv, als méi realistesch Approche, eegen Amendementer eranzeginn, déi eis gréng Position géife fir jiddwereen dobausse kloermaachen an déi de Punkten aus de gréngen Walprogrammer géifen entsprechen. An och déi Diskussioun iwwert d'Fro, ob et sënnavoll wär, d'Prinzipien, déi souwisou schonns duerch international an europäesch Verträge geschützt sinn, déi Lëtzebuerg ratifizéiert huet, trotzdem nach eng Kéier an eis national Verfassung ze iwwerhuelen, gouf a menger Partei iwwer Joren diskutéiert.

D'Konklusioun war awer a béide Fäll, datt et éischters besser wär, mat der Verfassung keng Parteipolitik ze maachen, mee matzehëllefen, e méiglechst gudden an akzeptabele Konsentext an d'Prozedur ze kréien. Well unhuele kënne mer jo eng Verfassungsrevisioun, wéi mer wëssen, just mat enger Zweedréttelmajoritéit. An zweetens ass et méi sënnavoll, eiser Meenung no, dass d'Lëscht vun de Rechter, déi schonn international verankert sinn, net eent zu eent an d'Lëtzebuerger Verfassung iwwerholl gëtt. An op dem Auteur seng Kritik un der juristescher Valeur vun dësen internationalen Texter ass meng Virriednerin, d'Simone Beissel, jo och schonns e weineg agaangen.

Op eenzelne Punkten, déi an der lénker Proposition als noutwendig Handlungsfelder identifizéiert goufen, hu mir an der Kommissioun awer nach an de leschten zwee Joer villen nogebessert. Esou kréie mer elo mam neien Text fir déi éischte Kéier eng kloer Definitioun – eng kloer Definitioun – vun de Missiounen an de Pouvoire vun dësem Parlament an eis Verfassung stoen.

An och de Staatsrot evoluéiert a Richtung Beroder vun der Chamber an net just eenzege Beroder vun der Regierung. Am véierte Kapitel, wat ech iwwermuer fir d'zweet rapportéieren, wäert ech nach am Detail dorobber kënne zréckkommen. Allerdéngs ass dës Modernisatioun vun der institutioneller Position vum Staatsrot am neie Reformtext manner problematesch, wat déi demokratesche Gewaltentrennung ugeet, wéi déi Lénk Textpropos.

Ganz änlech problematesch a puncto Gewaltentrennung ass et beim Verfassungsgericht, wou déi Lénk Proposition virgesäit, dass d'Hallschent vun de Riichter vun der Chamber géif fir maximal zwee Mandater vu sechs Joer genannt ginn, an dat och nach en bloc. Dat heescht, mat där Proposition géife mer eng héich politiséiert Justiz kréien. An do kann ech

absolutt net d'accord dermat sinn. Mir gesi jo, wat esou en Nominatiounspouvoir vum US-President fir déi héchste Riichter fir en enormen Impakt kann hunn!

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Muer de Moien, Mëttwoch, stëmme mer jo iwwert den Nationale Justizrot of. An deem Text ginn d'Onofhängegkeet an d'Organisatioun vum Justizapparat esou reforméiert, wéi et sech fir e moderne Rechtsstaat gehéiert.

Op der grénger Bänk, genauso wéi op anere Bänken heibannen, gëtt et sécherlech Sympathië fir Punkten aus dëser Proposition – meng Virriedner hunn et gesot –, mee konsensfäeg fir eng Zweedréttelmajoritéit waren déi Proposen evidenterweis net.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Den evidentsten a visibelste Punkt vun der lénker Proposition ass ouni Zweifel d'Grondiddi, wéi de Léon Gloden et virdu gesot huet, dass de Grand-Duc duerch e President sollt ersat ginn, dee vun der Chamber gewielt géif ginn, also semi-direct, ...

*(Interruption)*

... an anere Wieder, aus der Lëtzebuerger Monarchie eng Lëtzebuerger Republik ze maachen. D'Simone Beissel ass op wat eng Historique agaangen, wéi d'Traditioun hei am Land ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Et ginn awer och eng Rëtsch aner wichteg kontrovers Sujeten an dëser Proposition thematiséiert. Am Artikel 89 geet iwwert d'Walflicht rieds, déi sollt festgeschriwwen ginn, déi just am Walgesetz steet fir de Moment. Dat ass eng kohärent Approche, a fir dee Choix huet sech an der Proposition 7777 ouni Schwierigkeeten en Accord fonnt a mir schreiwen d'Walflicht do an. Mir gesi jo an England, zu wat eng niddreg Walbedeelegung ka féieren a wéi een definitiv duerno mat deem Problem muss ëmgoen!

Am Artikel 94 gëtt de Kumull vun dem Deputéierte-mandat mat dem Mandat vum Buergermeeschter oder Schäfte verbueden. Dat ass zum Beispill och ee vun de Punkten aus där Proposition, deen eis als Gréng ganz sympathesch ass, well dat am gréngen Walprogramm steet.

*(Brouhaha et interruptions)*

Dës Punkt hätt als Konsequenz eng weider Stärkung a Professionaliséierung vun der Chamber. Mat der neier Verfassung gëtt awer och elo op d'mannst de prozedurale Wee dohinner erlichert, andeems mer d'Definitioun vun Antikumullreegelen och per Gesetz erlaben an net just iwwert d'Verfassung.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Affaire à suivre!

E weidere Punkt, deen all fënnf Joer no der Chamberwal am Débat public optaucht an héich kontrovers ass a wou mer absolutt kee Konsens tëscht de Parteien konnten erreechen, ass d'Fro vun de Walbezierker. Mir Gréng sinn hei bekanntlech och fir en eenheetleche Walbezierk, esou wéi en hei an der lénker Proposition virgeschloe gëtt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | Déi Proposition huet awer keng Majoritéit.

*(Interruption)*

Dofir hate mir bei den Aarbechten zur 6030 propositionéiert, fir dës Walbezierksopdeeling, änlech wéi



d'Antikumullreegelen, vun der Verfassung eriwwer an d'Walgesetz ze huelen. Dat géif spéider Ännerunge méi einfach maachen, wann eng politesch Majoritéit bis dohinner dann eng Kiéier fonnt wär. Mee och fir dës gréng a reng prozedural Upassung hu mer keng Zweedréttelmajoritéit an der Kommissioun fonnt. Mir müssen nach en Tour dréinen.

An dëser Problematik ass a méi wéi enger Partei an deene leschte Méint a Joren d'Fro opkomm, wéi ee kann derfir suergen – och bei eis an der Partei –, dass d'Kandidaten am ländlechen, manner dicht besidelte Raum eng Chance hunn, an d'Chamber gewielt ze ginn, ...

**Une voix** | Voilà! Sot eis dat mol!

**M. Charles Margue** (déi gréng) | ... an net just Leit aus den dicht bewunnte Ballungszentren. An dëser Diskussioun ass et duerch d'geografesch Entwécklung, duerch d'Veerdeelung, ganz dättelech zu engem aneren Denke komm an déi Fro vun „aus véier maach eent“ ass einfach eng aner Diskussioun ginn, well d'Soziologie am Land sech verännert huet an och d'Geografie.

Dee Risiko, wéi gesot, dass just déi aus den dicht bewunnte Ballungszentren gewielt ginn – fréier hu mer just vum Gewicht vun der Stad geschwat –, dee Risiko ass ganz reell, soulaang mer den aktuelle Walsystem mam Panachage nämlech bäibehalen. Dat heescht, mir misste komplett d'Fro stellen, wéi e Walsystem mer wölten hunn a wéi eng Vertriebung mer wölten hunn.

Eent vun de Leitmotiver vun der grousser Verfassungsreform, déi jo op 1999 an op eng éischt Konsenspropos am Joer 2009 zrëckgeet, ass dat, datt et sech bei dëser Revisioun net ëm eng Revolutioun handelt, mee ëm eng Evolutioun vum haitege Verfassungstext. Mee ech mengen, wann een den Exposé des motifs gelies huet, da weess een, datt et, wéi ech et schonns gesot hunn, net Är Absicht war, e konsensfähigen Text hei ze presentéieren, mee eng parteipolitesch Visioun duerzeleeën, déi Ärem Walprogramm vun 2013 entsprécht.

An Ärer Proposition steet awer och nach dee ganz richtige Saz zum neie Verfassungsprojet. Ech zitieren: „Si ce projet était finalement adopté, il faut donc que le débat sur ces droits sociaux soit poursuivi.“ An dat ass eppes, wat ech och nëmme kann ënnerschreien an ënnerstëtzen. Egal wéi déi nei Verfassung ausgesäit, si ass ni a Stee gemeesselt, och wann dat am Volleksmond dacks esou gesot gëtt. Och eng Verfassung ass e liewegen Text, dee mat der Gesellschaft muss evolüieren. A genee dat geschitt jo elo endlech no 20 Joer Viraarbechten an e puer méi urgenten Ännerungen, déi mer tëschenduerch gemaach hunn.

Mir kréie mat de véier Revisiounsbléck eng Aktualisatioun vun de Rechter a Fräiheeten an och en neien, bessere Reequilibrage vun den institutionelle Pouvoiren, eng méi onofhängeg Justiz als rechtsstaatlech Kontrollinstanz vun der Politik an ee méi staarkt Parlament als politesch Kontrollinstanz vun der Exekutiv.

Merci och un déi Leit, déi 2014/2015 op der Säit vun déi Lénk un dëser Verfassungspropos matgeschafft hunn. Ech denken do un de Serge Urbany, mee awer och un de fréieren Deputéierten Änder Hoffmann, deen als Ghostwriter dorunner matgeschafft huet. Esou eng Propos ass eng considerabel Aarbecht, ech sot et schonn. Och wann elo keng Majoritéit dofir do ass, verdéngt, wéi am Ufank schonns gesot, dësen Exercice seng Unerkennung.

Als Gréng sti mer awer weiderhin zum ausgeschaffte Konsentext a véier Bléck a mir kënnen der

Propositioun vun déi Lénk deemno net zoustëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Margue. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, och e puer Wuert vun eis zu dëser Proposition. An ech wéilt mech emol fir d'éischt deene Wiederer schléissen, déi och all d'Virriedner gesot hunn, dat ass e ganz grouesse Merci un déi Lénk fir dësen Text. Och un Iech, Madamm Oberweis, fir e ganz gudde Rapport, e ganz komplette Rapport, deen Iech warscheinlech och Méi kascht huet, well heiansdo hutt Der misse Saachen esou formuléieren, datt se vläicht méi intellektuell formuléiert waren a manner vun Häerz koumen, wéi Der dat vläicht léiwer gemaach hätt. Mee gutt!

Déi Proposition, déi Der eis virgeluecht hutt, ass eng ganz spannend Lektür, dat muss een einfach soen. An et ass eng intellektuell Erausforderung, och eng Gewässenserausforderung, well Der mat engem Modell vu Gesellschaft kommt a mat Suergen, déi vläicht fir aner Parteien, och fir eis Partei, net ëmmer un éischter Plaz stinn. An domadder gitt Der eis och eng Geleeënheet ze hannerfroen, wou mir stinn an ob mir eigentlech dat, wat Iech virun allem wichteg ass, och eescht genuch huelen. Ech mengen, dat ass och an der Politik ganz wichteg, datt ee sech déi Fro stellt.

An ech kann Iech soen, datt dee ganze Rasonement, deen Dir féiert ronderëm déi sozial Rechter, onbedéngt dozou gehéiert. Déi ganz Politik huet an de leschten 150 Joer, 200 Joer eigentlech déi sozial Rechter an engem grouesse Mooss entdeckt, anescht – ech wëll net soen, datt dat fréier net de Fall war, et war anescht de Fall. Mir hu se awer an der Neizäit, elo an eiser Modernitéit, nei formuléiert, nei ausgebaut, hinnen eng ganz nei Wäertegkeet ginn. An dat ass e Wee, dee mer och musse virugoen, allerdéngs net als Eegenzweck, net aleng, mee ëmmer och mat aneren Interessien. An et ass vläicht do, wou eis Iddie vun der Gesellschaft, vun de soziale Rechter, dann ausereenginn. Dat ass, datt mer se op jidde Fall net manner verabsolutéieren, mee einfach ëmmer de Kontext gesinn, dat, wat maachbar ass, an datt mer och d'Interesse vun anere Leit a vun anere gesellschaftleche Stréimungen net wëlle vergiessen.

Mee, wéi gesot, et ass e ganz interessanten Exercice gewiescht, deen eis wierklech interpelléiert.

Mir hunn als ADR eigentlech eng ganz – wéi soll ech soen? – sober Opfaassung vun der Verfassung. Fir eis ass se emol éischstens en Instrument, dat de Staat definéiert, d'Architektur vum Staat, si beschreift de Fonctionnement vum Staat an d'Grondrechter vun de Bierger a wéi déi kënnen verdeedegt ginn. Dat ass eigentlech de Corps vun der Verfassung an eisen Aen.

D'Verfassung ass kee politesche Programm. Dofir maache mer Politik. Dofir hu mer Walen. An esou e politeschen Opdrag gesi mir u sech net an enger Verfassung. Also dat ass en Ënnerscheid. Et ass einfach esou, datt mer d'Architektur vum Staat, de Fonctionnement vum Staat an engem Grondtext gesinn a mir wëllen deen eigentlech esou mann wéi méiglech politiséieren. Dat ass einfach en Ënnerscheid.

Mee trotzdeem, ech mengen, e bëssen ass jo alles Politik, an dofir wëll ech och soen, datt viles an Ärem Verfassungsentwurf ganz einfach intelligent ass, sënnavoll ass an och eis Approbatioun fënn. Ech wëll Iech just dat Beispill nenne vun dem Verfassungsgericht. Dat ass och eppes, wat eis um Häerz läit, datt

eigentlech jidderee kann d'Verfassungsgericht urufen. Dat ass eng ganz wichteg Saach. Leider ass dat an där Verfassung, déi elo hei mat enger Majoritéit wäert gestëmmt ginn an deenen nächsten Deeg, net virgesinn.

Dir hutt och Courage gewise fir de Cumul des mandats, datt een dat soll verhënnere bei Deputéierten, et soll een net gläichzäitig Buergermeeschter oder Schäfte ginn. Ech huelen hei mäin direkte Virriedner: Wann ech mech gutt erënneren, huet den Här Margue, mengen ech, och gesot, dat géif deene Gréngen um Häerz leien. Da kucken ech, ob net op deene gréngé Bänken do zoufällg iergende vläicht d'Funktione vu Buergermeeschter oder Schäfte mam Deputéierte vereent. An da soen ech mer: Ma da kéinten déi jo direkt eng Decisioun huelen, wa se dat dann eescht mengen, an entweeder dat eent oder dat anert Mandat opginn!

Mee ech mengen, wann een esou eppes proposéiert, da muss ee kohärent sinn. Dat ass och eng Saach vun Éierlechkeet géintiwwer de Wieler.

Et sinn aner Saachen an deem Text, dat wäert Iech elo net wonneren, déi eis elo manner zousoen. Ech mengen, wann ech dat Wuert „Monarchie“ nennen, da wäert Der vun enger ADR jo net erwaarden, datt ech hei de Plädoyer vun der Ofschafung dovun maachen! Dat ass net onbedéngt eis Prioritéit. Mir bekennen eis selbstverständlech zu dëser Monarchie. Mir hunn och aner Problemer mat Ärem Text. Mee ech wëll Iech elo net hei iwwerméisseg kritiséieren. Mir hunn eeben eng aner Opfaassung. D'Ausländerwalrecht, do bekennen mir eis zur Natioun, Dir gitt méi a Richtung Citoyennetéit. Dat ass Äert Recht, dat ass just net eis Approche, well mir bekennen eis selbstverständlech zur Natioun.

Mat 16 Joer politescht Recht ass an eisen Aen ze fréi. Ech souz elo do, wéi ech Iech nogelauschtert hunn an ech hu mech gefrot: Majo, mat 16 Joer, da kann een dann do Decisiounen huelen iwwer Krich a Friden, an da muss een awer 18 Joer sinn, ier ee kann an d'Armée goen, well wann ee manner wéi 18 Joer ass, ass dat international verbueden. Dat si Kannerzaldoten. Do hätte mer also deen, deen decidéiert, dee 16 Joer hätt, an deen herno d'Leed dovun dréit, dat wär dann dee mat 18 Joer. Also wësst Der, mat all deene Saachen, dat ass awer Äert gutt Recht. Mee ech wëll just soen, och géintiwwer deene Virriedner: Dat ass per Referendum decidéiert ginn 2015, datt eebe mat 16 Joer elo kee Walrecht soll do sinn.

Mee ech hunn och der Madamm Beissel an anere Kolleegen hei nogelauschtert, do hunn ech mer d'Fro gestallt: Wéi ee Referendum gëtt da wéi respektéiert? Et kann ee jo net elo higoen an deen ee Referendum respektéieren an deen aneren net! D'Madamm Beissel huet mat Recht erënnert un de Referendum iwwert d'Monarchie, dee läit elo 100 Joer zrëck. Mir respektéieren deen nach ëmmer an e gëtt och hei als Argument zitéiert fir ze soen: Déi Monarchie ass votéiert ginn, si ass plebiscitéiert gi vum Lëtzeburger Vollek a si huet sech bewäert. An dofir respektéiere mer dee Referendum, also deen aus dem 20. Joerhonnert, nach ëmmer, während deen aus dem 21. Joerhonnert, vun 2015, deen ass scho contestéiert gewiescht, wéi d'Resultat nach net ausgezilt war!

Mir gesinn haut, datt vill Stréimungen, vill Ministere souguer, Ministeren aus dëser Regierung, déi u sech jo och e politeschen Engagement hunn an och e Referendum musse respektéieren, den Ausgang vum Referendum 2015 oppen a Fro stellen, an Diskussionsowender an esou weider an esou virun. Jo, da soen ech mer: De Wäert vum Referendum an eise Land muss awer dee sinn, datt wéinstens d'Politiker dat respektéieren, wéi d'Madamm Beissel et gesot huet mam Referendum iwwert d'Monarchie!

Jo, dat muss och gëlle fir de Referendum 2015, mat de 16 Joer, mam Ausländerwalrecht. Dee Respekt wäerte mer jo awer dem Lëtzebuerger Vollek kennen entgéintbréngen, wann esou eng Decisioun geholl ginn ass!

Et huet mech och gewonnert, den Här Gloden schwätzt vun der „participation citoyenne“. Ech wëll just drun erënneren, datt eist Uleies dat vun der Participation citoyenne ass. Mir hunn als ADR ëmmer gesot: „Mir hätte gär, datt dee Verfassungsentwurf dem Referendum virgeluecht gëtt.“ A wann een hei vu Participation citoyenne schwätzt, an déi véier Parteien, déi elo virun eis geschwat hunn, déi maachen dat jo, an et si jo och Elementer vu Participation citoyenne an der neier Regierung (veuillez lire: an der neier Verfassung): Mee déi „Participation citoyenne“ – groussgeschriwwen! –, dat ass de Referendum! An et ass fir eis einfach net nozevollzéien, éischstens, datt e Walversprieche gebrach gouf, an zweetens, datt dann hei d’Participation citoyenne an d’Fenster gestallt gëtt a gläichzäiteg de Referendum refuséiert gëtt.

Wat fäerten déi véier Parteien, fir net op deen do Wee wëllen ze goen, net de Wee vum Referendum wëllen anzeschloen?

Do ass dann nach e Punkt iwwert d’Ausländerwalrecht. Ech weess, déi Lénk, déi hunn dat gär. Si hunn et och an hirer Proposition dann ernimmt, d’Ausländerwalrecht, absolutt. Ech verweise just nach eng Kéier op de Referendum 2015. An ech wëll och hei soen, datt elo de Kolleg Mars Di Bartolomeo gesot huet, déi Diskussioun wier net op ëmmer an éiweg zou. Voilà!

Dat, mengen ech, ass wichteg, well mir hunn als ADR an där ganzer Campagne hei iwwert déi nei Verfassung, déi jo dës Woch dann an den zweete Vott kënnt, och virun allem ëmmer op zwou Plazen opmierksam gemaach: Dat eent ass de Referendum, dat anert sinn d’politeschen Rechter, wou eigentlech de Wee op ass, fir en Ausländerwalrecht kënnen hei am Land anzeféieren. Ech weess, dat brauche mer eigentlech elo net weider ze widderhuelen, dat hu mer jo héieren an den Diskussiounen an deene leschte Méint, datt déi véier Parteien, déi dee Konsensus elo matdroen, dat absolutt ofstreiden a soen, dat wär absolutt net méiglech mat deenen Texter!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Jo, dat ass falsch.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Mir soen, et ass richtig.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Et ass falsch!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A mir soen, Här Mars Di Bartolomeo, mir soen ...

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ouni Verfassungsännerung ass dat falsch!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | A mir soen ... Kommt, mir hunn déi Gedold, elo e bëssen ze waarden. Ech si gespaant, ech si gespaant, an ech net aleng, wat elo no deenen nächste Walen u Propositionen op den Dësch kënnt! Mir wäerten déi Diskussioun do nach féieren a mir wäerten Iech ëmmer erëm un Är Wieder erënneren.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Ouni Verfassungsrevisioun ass dat net méiglech!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech hunn elo d’Wuert, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP) | Punkt!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Dann nach vläicht e lescht Wuert, ee lescht Wuert och zum Här Margue weinst der Warnung, wou en och ganz Recht huet: Mir wëlle keng politiséiert Justiz! An en huet dat

Beispill USA gesot. Jo, ech mengen, eis Lénk Kollegen hunn an hirer Proposition och Däitschland genannt. Mir hunn eng politiséiert Justiz, och an enger Rei vun europäesche Staaten, wou Riichter iwwer Parlamentsbeschluss ..., wéi an den USA, do ass et jo och de Senat, dee schlussendlech decidéiert, wie Riichter gëtt. Mir hunn dat och an Europa an enger Rei Staaten. Mir fannen dat net gutt! Ech soen Iech dat. Also wann Dir et net gutt fannt, mir fannen et och net gutt!

Mee et ass elo esou – an dat wäerte mer och diskutéieren, den Här Reding wäert elo och zum Conseil national de la justice Stellung huelen, muer de Mëtteg, mengen ech, ass dat –, mir hunn ...

*(Interruptions)*

... och hei am Land duerch dee Conseil national de la justice Risiken: Risiken, datt och eis Justiz ka politiséiert ginn. A mir wëllen dat net! Dat wëlle mer ganz kloer ënnersträichen! Den Här Reding wäert Iech dat exposéieren. An et ass eisen Interessi, mengen ech, datt mer d’Justiz an hirer Onofhängegkeet och esou wäit respektéieren, datt mer keng Dieren opmaache fir iergendeng Form vu Politiséierung vun deem drëtte Pouvoir.

Voilà! Dat gesot, wëll ech de Kollege vun deene Lénken nach eng Kéier ausdrécklech Merci soe fir eng ganz, ganz interessant Proposition. Dir wäert Iech net wonneren: Mir wäerte se net matstëmmen. Awer, léif Madamm Oberweis, ech kann Iech soen, datt mir als ADR och an Zukunft wäerte mat Initiativen am Beräich vun der Verfassung kommen an datt mer Är Iwwerleeungen an aller Transparenz wäerte matafléisse loossen, well ech mengen, datt viles vun deem, wat Dir geschriwwen hutt, et verdénkt, am politeschen Debat virugedroen ze ginn an net duerch dës kuerz Debatt begreuen ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d’Wuert un déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d’Wuert.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, léif Kolleginnen a Kollegen, natierlech verteidegen ech eis Verfassung hei. Dat ass evident! An ech muss soen, ech verstinn natierlech och, dass all déi verschidde Vertrieeder vun deene verschidene Parteien aner Appreciationen hunn, well mir hu jo all een anere politesche Brëll an dat muss ee jo ëmmer erëm kloer soen.

Mee ech kann awer och net oft genuch soen, dass eis Verfassung einfach besser ass wéi déi vun der Majoritéit a vun der CSV. An ech soen dat net wéi e bëllege Slogan. Nee, kuckt, eis Verfassung ass e bëssen eppes wéi eng Bibel, léif Kollegen a Kolleginnen.

*(Brouhaha)*

Wierklech, wann Der se liest, wann Der se liest, da fannt Der eng nei Inspiratioun. Et fënnt een, wann een duerno sicht, och en neien Anker, Här Gloden. Kuckt Iech se emol eng Kéier mat där Inspiratioun un. Kuckt, eis alternativ Verfassung erzielt vun enger Gesellschaft, ...

*(Interruption par M. Léon Gloden)*

... déi inklusiv ass, déi gerecht ass. Si verkierpert eng Visioun vun enger Gesellschaft, déi op staarke Wäerter baséiert. Et ass deemno e Gesellschaftsprojekt. Si gëtt eis Äntwerten op déi sëllege Froen, déi mir haut hunn!

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Et schéngt keen ze interesséieren.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, anscheinend interesséiert et keen. Mee wierklech, lauschtert emol gutt no, si gëtt eis Äntwerten op déi Froen, déi mir haut hunn, all déi politesche Froen, déi mer eis stellen. An eiser Verfassung fannt Der Äntwerten, Äntwerten op déi multipel Krisen, an deene mer sinn. Mir sinn zudéifst iwwerzeegt, dass mir dëst alternatiiv Gesellschaftsbild wierklech brauchen, well mir kënnen net esou weiderfuere wéi bis elo. An ech mengen, dat weess och jiddwereen heibannen.

Och wann Dir eis Verfassung haut net matdrot, an dat iwwerrascht eis natierlech net, si mir der Meinung, dass et dës Verfassung ass, déi mir brauchen. Mir mengen och, dass Verschiddener heibannen, oder vläicht souguer vill vun Iech, mat dëser Verfassung sympathiséieren, an e bëssen eppes huet een dovunner jo och schonn eraushéieren.

Mir brauchen dës Verfassung, well mir Bierger a Biergerinne brauchen en neie Gesellschaftsprojekt, eng Zort Contrat social. Mir wëssen, dass dës Gesellschaft, wéi se am Moment fonctionéiert, wann et esou weidergeet, an eng Mauer wäert rennen, well se net nohalteg ass. Mir wëllen eng Gesellschaft, déi nohalteg ass, well se inklusiv ass, well se jidderengem eng Plaz araamt, well se de Räichtum verdeelt an de Gruet tëscht Grouss a Kleng respektiv Räich an Aarm manner grouss mécht.

Mir brauchen dës Visioun vun engem Gesellschaftsprojekt, well mer eeben d’Hoffnung verléieren an déi aktuell Gesellschaftsuerdnung, déi dominéiert ass vu sozioekonomeschen Ongläichheeten, déi wuessen, vun Akkumulatioun vu Räichtum a Privileegie fir déi eng a Cacahouëtte fir déi aner.

Mir brauchen dës Verfassung, well mer eeben d’Hoffnung verléieren an dee politesche System vun haut, wéi en am Moment fonctionéiert. Vill Bierger a Biergerinnen haut si resignéiert, well se sech aktuell näischt méi vum politesche System erwaarden. Mir brauchen Erneuerung.

Dës Verfassung huet awer Äntwerten op déi vill Krisen, an deene mer sinn, sief et d’Wunnungskris, sief et de sozioekonomesche Gruet mat senge gesellschaftlechen Ongläichheeten, déi wuessen, sief et d’Klimakris oder d’Biodiversitéitskrisen. Mat dëser Verfassung wier de Risiko och manner grouss, dass Kricher ausbriechen a Mënsche mussen flüchten.

Eis Verfassung seet et: Alternative si méiglech! Dat wat mer de Moment erliewen, déi multipel Krisen, an deene mer sinn a wou mer vun enger an déi nächst rennen, well mer u sech ouni groussaarteg Visioun navigéieren, ass Ausdrock vun engem System, deen net méi ze droen ass, engem System, dee sech per force wëll erhalen zugonschte vun dem Bien-être vun enger Minoritéit iwwert de Bien-être vum Collectif (veuillez lire: zugonschte vun dem Bien-être vun enger Minoritéit, deen iwwert dem Bien-être vum Collectif stéing).

Ech géif souguer soen, dass eis Alternativ alternativlos ass. Mir kommen nämlech net derlaanscht, d’Basis fir eng nei, méi gerecht, inklusiv Gesellschaft ze leeë fir en Zesummeliewen, wou mer mateneen an net géinteneen oder laanschteneen schaffen a liewen.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Här President, et ass en zukunftsorientéierten Text, dee virun allem Jonken, mee och soss Minoritéiten an anere marginaliséierte Gruppe Perspektive bitt, déi haut zum Deel keng hunn. Jo, natierlech stellt eis Verfassung d’Privileegien a Fro: Privileegie vun den Eeleren géintiwwer Jonken, Stéchwuert Klimakris, vun deenen, déi besetzen, géintiwwer deenen, déi kee Besët hunn, vun deenen, déi d’Walrecht hunn, par rapport zu deenen, déi kee Walrecht hunn, an esou weider.



Mir stellen all Privileegien a Fro, jo, och déi vun enger Monarchie géintiwwer deenen Normalstierflechen, well fir eis gëtt et nëmmen normalstierflech Leit. Jo, jiddwereen ass gläich an eiser Visioun. A jo, natierlech si mer der Meenung, dass d'Monarchie hautzudaags net méi ze droen ass, mat deene Wäerter, déi mer hautzudaags hunn.

A firwat géif eise President, wa mer dann e President hätten, vun der Chamber gewielt ginn? Mee et ass ganz einfach, well e President an eiser Iddi relativ wéineg Pouvoire soll hunn. Dofir gëtt e via d'Chamber gewielt an net vun de Leit selwer, well en eebe ganz limitéiert Pouvoire soll hunn.

Eis Verfassung ass och ambitiéis. Si huet Ambitioune fir eis Gesellschaft, an dat brauche mer haut, e Gesellschaftsprojert, deen op enger neier Wäertebasis fundéiert: Gläichheet, Gerechtegkeet, Solidaritéit an Empathie. Ambitiéis, well dese Gesellschaftsprojert, dee mir zeechnen, op staarke Prinzipie berout: e staarke Sozialstaat, en extensive Katalog vun aklobare Grondrechter. Natierlech ass eis Verfassung ambitiéis. Natierlech ass se et, wéi kéint et aneschtens sinn? Et geet net méi duer mat klengen Ännerungen, léif Kolleegen a Kolleginnen. Mir müssen haut ambitiéis sinn en vue vun deene Krisen, an deene mer sinn!

Jo, a wannechgelift entschëllegt mech, mir si wierklech der Meenung, dass d'Verfassung vun der Majoritéit a vun der CSV net op der Héicht ass vun deenen Erausforderungen, virun deene mer haut stinn.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Aus dësem Constat eraus ass eis Verfassung dann entstanen: dem Feststellen, dass mer eng Refonte, eng Neiopstellung um Niveau vun der Verfassung brauchen. Well deen Text, deen d'Majoritéit an d'CSV proposéieren, spigelt eiser Meenung no nach ëmmer ze vill eng Verfassung aus dem 19. Joerhonnert erëm, och wa se haut geupdate gëtt, mee si setzt net genuch nei Jalone fir en 21. Joerhonnert.

Et ass eiser Meenung no eng verpasste Chance, an där mer sinn, eng verpasste Chance, well et hätt ee jo kënnen d'Biergerinnen an d'Bierger begeeschtere fir eng Neiausrüstung, fir en neie Gesellschaftsprojert, dee wierklech gerecht an nohalteg ass. Wa mer wëssen, dass eng Verfassung e Grondgesetz ass, dat wichtegst Gesetz, wat mer hunn, da wësse mer, dass et de Grondsteen ass, op deem de ganze Rescht wiest.

Dofir loosst mech et nach eng Kéier soen: Mir mengen, dass eng Verfassung net muss minimalistesch sinn. Si kann och extensiv ausgeluecht sinn, esou wéi eis Verfassung dat virgesäit mat 203 Artikelen. All deenen, déi mengen, eng Verfassung misst neutral sinn, soen ech ganz kloer: Neutralitéit gëtt et net! All Gesetz spigelt och ëmmer erëm déi gesellschaftlech Kräfte erëm an och d'Schrëft vu sengem Auteur.

An eis Verfassung wëll sech kloer, konkreet, ambitiéis a fortschrëttlech, dat hutt Der sécherlech gemierkt beim Liesen. A well se kloer a konkreet ass, ass se onëmnessverständlech. Eis Verfassung gesäit e Maximum u Garantie vir. Si bitt Perspektiven, well mer Rechter an Detail, konkreet am Detail och festhalen.

A 70 Artikelen ginn aklobar Grondrechter festgehalten, an dat, Kolleginnen a Kolleegen, sinn alles Rechter, déi mer hunn an déi mer brauchen. Mir erfannen näischt. Mir proposéieren, dass d'Biergerinnen an d'Bierger gestärkt ginn iwwer déi 70 Artikelen. An an deene 70 Artikelen hale mer fest, wat mer ënner Mënschewierd, wéi ech et virdru schonn als Rapportrice gesot hunn, verstinn. Mir wëllen deen Term konkreet ausleeën an u konkreete Rechter festmaachen,

fir dass mer eis all eens sinn, wat mer drënner verstinn. De Prinzip vum der Mënschewierd bënnt eis dann och zesummen als Gesellschaft. Dat ass dann d'Fundament vun deem Contrat social, vun deem ech geschwat hunn.

Zum Beispill gesi mer e Recht op Wunne vir. Wunnen ass natierlech en existenziell Recht, an dat gehéiert eiser Meenung no deemno och an eng Verfassung. Mir gesinn och e Recht op Aarbecht vir, well mer der Meenung sinn, dass mer eis duerch Aarbecht entfale kënnen als Bierger a Biergerinnen a se eis och eng Plaz an eng Roll an der Gesellschaft gëtt.

An ech kann net verstoen, wéi den Här Gloden als Verrieder vun der CSV virdru konnt soen, eis Verfassung géif net méi sozial Rechter virgesi wéi Är Verfassung, well dat stëmmt wierklech net! Mir hu 70 Artikelen, wou mer Grondrechter, déi aklobar sinn, festhalen.

Eis Verfassung verflucht de Staat des Weideren, géint Aarmut a sozial Ongläichheete virzegoen, jo, dergéint ze kämpfen. De Staat muss géint sozial Ongläichheete virgoen, an ënner anerem gesi mir dat iwwer eng progressiv Steierpolitik. Dat hunn ech hei an anere Kontexter schonn oft duergeluecht. Och eise Schoulsystem muss esou gestalt ginn, dass déi sozial Ongläichheeten erëm manner grouss ginn an dass déi sozial Ongläichheete sech net reproduzéieren. An deem Kontext invitéieren ech Iech gären, de Podcast „Schlechte Schüler“ vum Radio 100,7 ze lauschten, well dee seet genee, awéiwäit eise Schoulsystem déi Inegalitéite reproduzéiert!

Net just stärke mer de Bierger hir Rechter, mee d'Bierger an d'Biergerinne kréien en direkten Accès zum Verfassungsgesetz, wou si direkt hir Rechter kënnen akloen. Och erwidere mer d'Biergerrechter, well mir halen um Awunnerwalrecht, jo, fest. Mir sinn nach ëmmer fundamental der Meenung, dass mer den Ament mat knapp 50 % Walbedeelegte wierklech e krassen demokrateschen Defizit hei am Land hunn.

Mir stärkeken och gären eis Institutionen, andeems mer se zum Beispill méi transparent gestalten, mee och andeems mer effektiv Interessenkonflikter ënnerbannen. Deemno – et ass scho gesot ginn – wäert et bei eis net méi méiglech sinn, gläichzäitig Deputéierten a Buergermeeschter oder Schäfte ze sinn.

Ee Prinzip, dee mer besonnesch um Häerz läit, ass de Principe de précaution, deen ech virdru scho kuerz ernimmt hunn, dee mer an der Verfassung ënnert den Ëmweltrechter stoen hunn. Et gëtt dach näischt méi Vernünfteg hautzudaags, wéi de Precautionsprinzip an eng Verfassung festzehalen a vun nohalteger Entwécklung verfassungstechnesch ze schwätzen. D'Verfassung hält dann och ënner anerem fest, dass de Staat géint den enormen ekologesche Foussofdruck virgeet.

Mir sinn an enger absolutter Urgence an natierlech muss dat sech och an der Verfassung erëmispigelen, well mir hu kee Choix. Dës Verfassung hält de Staat vill méi staark an d'Verantwortung, wéi dat bis elo de Fall ass. Si verflucht de Staat deemno, sech vill méi staark ze engagéieren fir Mënscherechter an Ëmweltrechter, fir eng nohalteg an inklusiv Entwécklung.

Ech wëll och kloer soen, dass mer explizit net vu Verstaatlechung an eiser Verfassung geschriwwen hunn, mee mir wëllen eebe net just de Privatbesetz virgesinn, sou wéi dat an der aktueller Verfassung steet. An eiser Visioun vun enger Gesellschaft gëtt et net just de Privatbesetz, mee mir wëllen och de kollektiven, soziale Besetz beschützen an de kooperative Besetz beschützen, als Géigepoids u sech zum Privatbesetz.

Ech sinn haut houfreg, dës Verfassungspropos dierfe virstellen. Ech sinn houfreg, d'Suite vum Marc Baum, vum David Wagner, vum Serge Urbany a vum Änder Hoffmann kënnen ze huelen. An ech wëll si vun hei aus honoréieren fir hir Aarbecht, hiren Engagement an hir Visioun.

**Une voix | Très bien!**

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Mee ech sinn awer och traureg, well ech mer de ville Krise bewosst sinn, an deene mer déif stiechen, a mer bewosst sinn, dass mer mat der Majoritéit heibannen net kënnen op de Wee goe vun enger Verfassung, déi u sech krisesecher ass an déi eis kéint Äntwerten op dës Krise ginn. Well dës Verfassung ass dat: Si leet Schinnen, fir eng Krisepolitik ze maachen. Et ass eng Verfassung, déi preventiv wirkt a Krise prevenéiert.

Ech sinn och traureg, well et eng verpasste Chance ass, nees emol. Mir steiere leider weider vun enger Kris an déi nächst, ouni eist Denken an eist Handeln a Fro ze stellen.

Här President, léif Kolleegen a Kolleginnen, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschten, Merci och fir déi sëllege Retouren an Är Iwwerleeungen an och d'Wäertschätzung vun eiser Aarbecht. Villmools merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Mammad Oberweis. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, fir d'alleréisch wëll ech, wéi all meng Virriednerinnen a Virriedner, deene Lénke gratuléieren, well dat den Text et bis heihin an d'Chamber gepackt huet, ass den Effort wäert, mat deem Dir, mee och Är Virgänger hei an der Chamber, dat als Éischt emol hutt missen erkämpfen. Et ass nämlech alles anescht wéi evident. A wann een dann och nach bedenkt, dat haut ganz aner Leit hei sëtze wéi nach 2015 (veuillez lire: 2016), wéi deen Text deposéiert gouf, dann, muss ee soen, war et eng laangwiereg Affär.

Mir Piraten hu vläicht eng manner laangwiereg Affär wéi d'Verfassungsproposen, déi dann dës Woch nach am zweete Vott wäerte gestëmmt ginn, mee nichtsdestotrotz eng laangwiereg Affär.

Mir gratuléieren Iech och aus deem ganz einfache Grond, well mer ganz heefeg heibannen nämlech iwwer Texter diskutéieren, déi vun der Regierung kommen, a vill ze seelen, muss ee soen, iwwer Texter, déi vun den Deputéierten deposéiert ginn. An och dat ass eppes, wat een a Zukunft vill méi oft kéint maachen. Mee vill ze heefeg fale grad d'Oppositionsproposen iergendwéi duerch d'Rillen hannen am Tirang oder se bleiwen am Tirang leien an et erënnert kee sech méi wierklech drun, dass se do leien, well et keen Avis vum Staatsrot gëtt oder well een als kleng Partei net e Member an der Kommission huet, fir zum Reporter genannt ze ginn, esoudatt och keen an der Kommission ass, dee kann Drock maachen, dass et weidergeet. Dofir muss een einfach den Effort ëmmer erëm luwen, wann Texter vun Deputéiertesäit et bis zum Vott bréngen.

Här President, no de ville luewende Wieder da wëll ech awer och nach op de Fong vun der Propos vun de Kolleegen – Kolleginnen am aktuelle Fall, mee ursprénglech Kolleegen – vun déi Lénk kommen.

A verschiddene Punkte si mer net enger Meenung mat de Lénken. Mir wëilten hei an der Chamber als Éischt emol net einfach zu 60 iwwer eng nei Staatsform ofstëmme. Mir fannen, dass, wann d'Bevëlkerung eng Kéier net méi mat der Monarchie averstane



wier, een dat da misst an engem Referendum kucke fir ze kucken, wat eng Majoritéit dann hei am Land wierklech wëll.

Mir haten an eisem Walprogramm proposéiert, datt een den honnertjäregen Anniversaire vum leschte Referendum iwwer d'Staatsform zum Ulass hätt kënnen huelen, fir genau déi Froen nach eng Kéier ze stellen. Déi Chance gouf verpasst. Mir bleiwen awer éischter bei der Positioun, datt een dat sollt an engem Referendum klären amplaz einfach esou an enger Verfassungspropos.

Déi Lénk kritiséieren zu Recht, datt vill vun de véier Verfassungsproposen vun der Majoritéit an der CSV hannernt zouenen Dieren diskutéiert gouf, datt d'Bevëlkerung net genuch agebonne ginn ass. Mee mir fanne grad esou, datt net déi 60 Deputéiert sollten aleng iwwer d'Staatsform decidéieren. Op deem Punkt kënnen mer dës Verfassungspropos deemno schonn emol net zoustëmmen.

Mir fannen et dann och schued, datt déi Lénk an hirer Verfassung de Referendum bei enger neier Verfassungsännerung net automatesch virgesinn. Jo, Dir sot, et musse just nach 10.000 Biergerinnen a Bierger sinn an net méi 25.000 Wielerinnen a Wieler, mee mir Piraten géifen eis eng Verfassung wënschen, wou e Referendum d'office misst organiséiert ginn, wann et en éischte positive Vott an der Chamber gouf. Och hei wier méi Biergerbedeelegung méiglech gewiescht.

Mir musse soen, datt mer beim Thema Lëtzebuurger Staatsbürgerschaft dann awer e bëssen irritéiert waren. Well: Wëllen déi Lénk all Persoun, déi hei zu Lëtzebuerg als Resident ugemellt ass, no fénnef Joer automatesch d'Lëtzebuurger Nationalitéit ginn oder hu mir eppes falsch verstanen? Well ech stelle mer d'Fro, wéi dat soll goen. Kritt een dann einfach direkt d'Invitatioun fir eng Carte d'identité no fénnef Joer heemgeschéckt oder wéi ass sech dat virgestallt ginn? Hei schéngt eis weeder den Artikel nach de Rapport nach d'Verteidegung vum Gesetz duerch d'Madamm Oberweis wierklech kloer.

Wat d'Sproocher betrëfft, hätt mer eis gewënscht, datt hei eng Ouverture gemaach gi wier, fir d'Sproocher vu Lëtzebuerg iwwer d' Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch eraus och nach vläicht duerch dat Englescht ze ergänzen; eng Kritik, déi mer och bei de véier anere Verfassungsproposen ubruecht hunn. Mir wëssen, wéi vill Leit aus anere Länner alljoers hei op Lëtzebuerg wunne kommen, a vill vun hinne schwätze keng vun eisen aktuellen Amtssproochen a kommen awer gutt am Land zurecht mam Engleschen, ausser wa se da mat Verwaltungen ze dinn hunn.

Mir fannen et ganz gutt, datt d'Lëtzebuergesch als Landessprooch an dëser Verfassungspropos festgehale gëtt, mee doriwwer eraus hätt ee sech awer misse iwwerleeën, ob d'Englescht net an der Lëscht vun den administrative Sproochen hätt sollen derbäigesat gi fir déi Leit, déi eeben nach keng vun de Landessproochen kënnen – an déi jo vläicht awer ganz motivéiert sinn, Lëtzebuergesch ze léieren, mee och dat geet net vun haut op muer. Well wann ee sech d'Situatioun vun de Sproochecoursen zu Lëtzebuerg ukuckt, da si se meeschtens eppes: nämlech ausgebucht. Eppes, wat ganz positiv ass, well et weist, datt eis Sprooch gäre geléiert gëtt, vu ville Leit gäre geléiert gëtt, mee datt am Endeffekt dann eeben net genuch Coursen offréiert ginn. Hei musse mir allegueren an als Land an Zukunft nach Progrès maachen.

Mee dës Verfassungstext soll jo modern an zukunftsweisend sinn, an dat gesi mir eeben am Punkt Sproochen zum Beispill net.

Da wëll ech och zu deene Punkte kommen, déi mir Piraten awer och positiv fannen. Et ass jo net nëmmen Negatives am Text. Mir Piraten waren 2015 fir

e Walrecht ab 16 Joer a mir sinn et nach ëmmer. Mir sinn der Meenung, datt déi Jonk grad esou rational Entscheedungen kënnen treffen wéi mir all heibannen, ...

**Une voix | Très bien!**

**M. Sven Clement** (Piraten) | ... wann et ëm d'Kräizer an der Walkabinn geet zumindest.

Et ass fir eis och en Deel vun der politescher Bildung an der eegener Responsabilitéit, déi mir de Jonken an de Lycéer wëlle mat op de Wee ginn. Vill Jonker interesséiere sech fir Politik, kënnen awer eréischt spéit hir Stëmm ofginn. Well och bei engem Walrecht ab 18 Joer kann et sinn, datt ee muss bis zu sengem 22. Liewensjoer waarden, ier ee ka matschwätzen, jee nodeem, wéi d'Wale falen. Bei engem Walrecht ab 16 wier jidderee spéitstens ab 20 stëmmberechtigt.

Mir Piraten wëllen déi Jonk an eiser Gesellschaft stäerken, mir wëllen hinnen eng Stëmm ginn an dofir sti mir och haut nach zum Walrecht ab 16.

D'Antidiskriminierungsartikelen aus dem Code pénal direkt an d'Verfassung ze schreiwen, ass an eisen Aen och keng schlecht Iddi. Virun allem no de rezenten Émschlë an den USA ass et wuel ëmmer besser virzesuergen, wéi sech duerno ze froen, wéi d'Mënscherechter ënner enger radikaler Regierung op eemol verschwannen, jo, ofgebaut kënnen ginn. De Schutz vun transsexuelle Persounen fällt do genausou drënner, an och dës Iddi fanne mer gutt.

Generell ass d'Kapitel zu de Grondrechter eppes, wou mer vill vun eise Standpunkten erëmfannen a wat et bal derzou bruecht hätt, datt mer d'Propos vun de Kolleeginne vun déi Lénk hätt kënnen matstëmmen. Et kann ee se hei net all opzielen, well et sech ëm 70 Artikelen handelt, a wann ech just duerch déi géif goen, wär d'Riedezäit schonn opgebraucht. Mee e staarke Sozialstaat, e staarken Déiereschutz an den Ëmweltschutz si fir eis ganz positiv Punkten.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir gesinn, wéi gesot, ganz vill Positives an dëser Verfassung. Et ginn hei staark Grondrechter gefuerdert. Schwaarz-Blo-Rout-Gréng hätt sech a puncto Biergerechter e Stéck kënnen vun deem Text ofkucken. Dat ass leider net gemaach ginn.

An eisen Ae geet dës Propos a Saache Biergerbedeelegung a Matsproocherecht awer net wäit genuch. Mir wëllen eng Verfassung, déi ëmmer per Referendum gestëmmt gëtt. Mir wëllen nëmmen eng Ännerung vun der Staatsform, wann d'Bevëlkerung dës per Referendum esou ausdréckt.

An da muss ech awer nach eppes soen zu deem, wat elo zum Schluss koom, wéi d'Madamm Oberweis vun enger Kriseverfassung geschwat huet: Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn u sech der Meenung, datt mer eng Verfassung fir all Wieder brauchen an net nëmme fir d'schlecht Wieder. Mir brauchen eng Verfassung, déi souwuel bei Sonn wéi bei Ree fonctionéiert an déi eeben net dervunner ausgeet, datt mer permanent an enger Krisesituatioun sinn.

Ech hätt gären eng Verfassung, déi et eis erméiglecht, besser zesammenzeliewen, déi et eis erméiglecht, als Land zesammen de Wee no vir ze goen, an net dervunner ausgeet, datt mer permanent mussen iergendeng Kris bewältegen. Ech wënsche mer eng positiv Approche zu eiser Verfassung, eng Approche, déi seet: „Mir hunn eng Verfassung, fir datt et eis als Land besser geet, fir datt mer keng Krisen hunn“, anstatt ze soen: „Mir hunn eng Verfassung, fir d'Krisen ze meeschte-re.“ Well dat setzt viraus, datt mer ni aus de Krise géifen erauskommen, an dat ass eng Vue op d'Welt, déi ech mer selwer net wëll operleeën.

Mir hate bei deene véier anere Proposen eng kloer Positioun. Mir hunn déi zesumme mat eiser

Parteibasis ofgestëmmt. Iwwer 80 % vun eise Memberen hu sech fir déi vun der Majoritéit an der CSV proposéiert Verfassungsproposen ausgeschwat. An dofir gesi mir haut och kee Grond, fir vun deem Vott ze deviiéieren. An obwuel et ganz gutt Punkten an der Verfassungspropos vun déi Lénk gëtt, gëtt et e puer Punkten, déi eis awer schwéier um Mo géife leien, an dofir wäerte mer se net matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

Ech froen d'Regierung, ob déi d'Wuert zu dëser Diskussioun wëllt ergräifen.

(Négation)

Dat ass net de Fall. Dann ass d'Diskussioun elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zum éischte Vote constitutionnel iwwer d'Proposition de révision 6956. Den Text steet am Document parlementaire 6956<sup>4</sup>. Et ass eng Majoritéit vun zwee Drëttel erfuerdert an de Vote par procuration ass net erlaabt.

### **Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de la Constitution 6956**

D'Ofstëmme fänkt un. De Vott ass ofgeschloss.

D'Proposition 6956 ass mat 2 Jo-Stëmme géint 51 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : Mme Diane Adehm, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff et Claude Lambert ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, MM. Dan Kersch et Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

Et ass also esou decidéiert.

### **6. Question élargie n° 173 de M. Laurent Mosar relative au site de production du groupe industriel Liberty Steel à Dudelange**

Mir kommen elo zur erweiterter Fro Nummer 173 vum Här Laurent Mosar iwwer Liberty Steel. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert an Dir kennt d'Spillregelen.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Merci, Här President. Ech wollt de Mëtten nach eng Kéier eng Fro stellen iwwer Liberty Steel. Dat ass e Sujet, deen eis scho méi oft hei an deem Haus beschäftigt huet, souwuel hei am Plenum wéi awer och an der zoustänneger Kommissioun. An ech hunn de Punkt elo nach eng Kéier op den Ordre du jour setze gelooss, well et a sech zwee nei Elementer am Dossier schéngt ze ginn.